# HEI ASS JIDDEREE WËLLKOMM!




> **ARTIKEL 1 - DEKLARATIOUN VUN DE MËNSCHERECHTER, 1948**
> All Mënsch kënnt fräi a mat der selwechter Dignitéit an de selwechte Rechter op d'Welt. Jiddereen huet säi Verstand a säi Gewësse krut a soll an engem Geescht vu Bridderlechkeet deenen anere géintiwwer handelen.

zpb
Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

LU / FR / DE / EN

Quick Start

# Hei ass jidderee wëllkomm!

Weider Material zum Thema Diversitéit: **zpb.lu**

Fondatioun Zentrum fir politesch Bildung

**„All Mënsch kënnt fräi a mat der selwechter Dignitéit an de selwechte Rechter op d'Welt." Eis Demokratie baséiert um éischten Artikel vun der Universeller Deklaratioun vun de Mënscherechter. Dëse Poster ass dofir e Symbol fir Wëllkommenskultur, Diversitéit an d'Recht op Gläichbehandlung.**

**De Poster kann an de Schoulen, an der Erwuessenebildung (z. B. a Sproochecoursen), an der non-formaler Bildung (z. B. Jugendhaiser, Maison relais, asw.) souwéi an aneren ëffentlechen Institutioune benotzt ginn.**

## Sou geet et:

**Optioun 1: Wëllkommenskultur sichtbar maachen**

Hänkt de Poster am Klassesall, am Grupp oder am Entréesberäich (z. B. an ëffentlechen Institutiounen) op als Symbol vun enger Wëllkommenskultur. Benotzt en als Ausgangspunkt, wann Dir gemeinsam Reegelen fir d'Klass oder de Grupp festleet, an als Referenz, wa mënscheveruechtend Bemierkunge gemaach ginn.

**Optioun 2: Aktivitéit mat Post-it-Ziedelen**

Frot de Grupp fir dës Fro als éischt individuell ze beäntwerten: „Wéini fills du dech an engem Grupp oder an der Klass wëllkomm?" Diskutéiert duerno zesummen, wat et bedeit, sech „wëllkomm" ze spieren. Alleguer schreiwen oder zeechnen hir Äntwert anonym op e Post-it a pechen en op de Poster. Frot och no, ob déi benotzte Begrëffer verständlech sinn, a kläert dës, falls néideg, zesummen.

Zum Schluss diskutéiert d'Äntwerten: „Wat huet dech iwwerrascht" an „Wat kanns du an dengem Alldag ëmsetzen?"

**Impressum** Zentrum fir politesch Bildung | Fondation d'utilité publique | RCSL G236 | www.zpb.lu | 2. Oplo, 2026 | ISBN: 978-2-919788-68-2